



**myenergy**  
Luxembourg

---

# Kommunale myenergy Ambassadeur

Optimiséierung vun der Zesummenaarbecht tëscht de Gemengen a myenergy  
duerch d'Mise en place vu lokalen Ambassadeuren

28.06.2021



Zanter Jore schafft Är Gemeng a myenergy zesammen, fir mam infopoint myenergy eng neutral an effizient Grondberodung am Beräich vun enger nohalteger Energietransioun fir Är Bierger unzebidden. An dësem Kader hu mir ons Gedanke gemaach, wéi dës Déngschtleeschung un Iech nach weider kéint verbessert ginn, a mir si frou, Iech heimat kënnen de Projet ze presentéieren. Dëse Projet leeft iwwregens weider am Kader vun der Konventioun, déi mir matenaner hunn, a kascht Iech näischt weider.

## 1. Wat ass de Projet Ambassadeur ?

- Eng Optimiséierung vun eiser aktueller operationeller Zesummenaarbecht a Kommunikatioun am Kader vun der Infopoint-Konventioun
- Eng besser Kommunikatioun mat Äre Bierger an de Beräicher Energietransioun, Klimakris a Klimapakt
- Eng strukturell an inhaltlech Ënnerstëtzung duerch myenergy
- Eng Persoun, déi sech idealerweis fir d'Sujete ronderëm déi nohalteger Energietransioun interesséiert, a lo méi aktiv an déi verschidde Projeten agebonne gëtt fir d'Kommunikatioun ze verbessern
- Ee Reseau vun eenzelen Ambassadeuren aus de Gemengen.

## 2. D'Virdeeler vum Projet Ambassadeur fir Är Gemeng

- Dir kënnt Iech bei Äre Bierger nach besser als engagéiert Gemeng presentéieren
- Duerch den Ambassadeur ginn Är Aktiounen an Efforte ronderëm déi nohalteger Energietransioun, d'Klimakris an de Klimapakt besser no bause gedroen
- Dir profitéiert vun enger moossgeschneiderter Ënnerstëtzung an engem strukturéierte Kader fir d'Kommunikatioun mat Äre Bierger
- Den Ambassadeur gëtt vu myenergy a senger Aarbecht ënnerstëtzt a kann esou och d'Aarbechte vum Klimateam nach besser ënnerstëtzen
- Den Ambassadeur kennt d'Hëllefsmëttelen vun myenergy, kann se notzen a weiderginn
- Insgesamt ergëtt sech eng besser Zesummenaarbecht tëscht Ärer Gemeng a myenergy
- Den Ambassadeur profitéiert vun engem organiséierten Austausch mat den Ambassadeuren aus anere Gemengen
- D'Gemeng kritt Punkten am Klimapakt bäi.




### 3. D'Missioun vum Ambassadeur an Ärer Gemeng

- Den Ambassadeur koordinéiert déi intern Servicer fir d'Promotioun vun de Themen am Beräich mat der nohalteger Energietransitioun z'assuréieren
- Hien ënnerstëtzt déi verschidde Gemengeservicer mat sengem Wësse vun de wichtege Messagen am Beräich vun der nohalteger Energietransitioun, der Klimakris an dem Klimapakt
- Dës Zesummenaarbecht bréngt Är Bierger déi ënnerschiddlech Theme vun der Energietransitioun méi no
- Den Ambassadeur festegt e méi strukturéierten Austausch tëscht Ärer Gemeng, dem Klimateam a myenergy
- Hien bréngt de Gemengeservicer déi verschidden Outils vu myenergy méi no a këmmert sech ëm eng besser Verdeelung un d'Bierger.

### 4. Dem Ambassadeur säi Profil

Den Ambassadeur ass idealerweis eng zentral Persoun, déi bei lech an der Gemeng schafft a sech fir d'Theme wei d'Energietransitioun, d'Klimakris an de Klimapakt, awer och d'Nohaltegkeet an d'Ëmwelt allgemeng, intresséiert. E Plus wär et wann en duerch seng aktuell Aarbecht schonn e regelméisseg Austausch mat de verschiddene Gemengeservicer oder dem Sekretariat huet.

Et wär gutt, wann den Ambassadeur iwwert Projet'en ronderëm déi nohalteger Energietransitioun an dem Klimapakt informéiert wär, sou datt hien déi néideg Informatiounen den zoustännege Servicer weider kéint ginn, an esou d'Koordinatioun innerhalb vun ärer Gemeng, mee och mam Klimateam, myenergy an den externe Klimaberoder vereinfache kéint.





## 5. Mat wem schafft den Ambassadeur zesammen ?

- **Kommunikatiounsekipp** vu myenergy : Austausch vu Kommunikationsmaterialien, Hëllef bei der Kommunikationsaarbecht
- **Kommunikatiounsekipp** vun Ärer Gemeng : dofir suergen datt méi iwwer d'Themen Energietransitioun, Klimakris a Klimapakt kommunizéiert gëtt an d'Aktiounen vun der Gemeng an deem Beräich besser no baussen duergestallt kenne ginn
- **Zoustänneg kommunal Servicer** (service technique, service écologique, service urbanisme, secrétariat, etc.) : Outilen an Déngschtleeschunge vu myenergy bekannt maachen an erklären
- **myenergy- Beroder / Ekipp 'Pactes avec les communes'**: Austausch iwwer déi konkret Berodungserfahrung um Terrain an d'Situatioun an der Gemeng mat eise Beroder, respektiv iwwer de Klimapakt mat der Ekipp 'Pactes avec les communes'
- **Klimaberoder / Klimateam** : Austausch iwwer déi konkret Aktivitéiten an de Lien mam Klimapakt maachen
- **Schäfferot vun der Gemeng** : Informatioun iwwer d'Aktivitéiten, Ofstëmmung mam Schäfferot bzw. mam Klimaschäffen.

## 6. Konkret Hëllefsmëttel fir Iech an Ärer Kommunikatioun an Aarbecht ronderëm di nohalteg Energietransitioun z'ënnerstëtzen

Fir Iech an Äre Servicer eng méi moossgeschneidert Kommunikatioun ubidden ze kënnen, hu mir am Kader vun dësem Projet Ambassadeur och nei Outilen fir de Print- an Online-Beräich ausgeschafft. Dës Hëllefsmëttel adresséieren sech engersäits un de Service, respektiv déi Persoun, déi sech em d'Kommunikatioun këmmert. Anerersäits fannen déi ënnerschiddlech Gemengeservicer och aner praktesch Hëllefsmëttel fir si an hirer Aarbescht z'ënnerstëtzen. Den Ambassadeur kann hei hëllef d'Koordinatioun z'assurieren an d'Toolbox bei de verschiddene Servicer bekannt ze maachen.

An eiser Toolbox (kuckt d'PPT Toolbox) proposéieren mir Iech also ënnerschiddlech Kommunikatiounsméiglechkeeten an Hëllefsmëttel, déi déi zoustänneg Servicer fräi no hire Besoine benotze kënnen, an déi reegelméisseg vu myenergy aktualiséiert ginn.

### 6.1. Toolbox Kommunikatioun

#### 6.1.1. Fräi zougänglech myenergy Outilen

- **Annoncé** fir an d'Publikatiounen vun Ärer Gemeng
- **Informatiounen zu den Online Outilen** fir Är Bierger
- **Informatiounsbroschüren** zu verschiddene Sujeten



### 6.1.2. Personaliséiert Hëllefsmëttelen fir Äre Kommunikatiounsservice

- **Annoncen zur Partnerschaft tëscht Ärer Gemeng** a myenergy, zu verschiddene Sujeten am Zesammenhang mat der nohalteger Energietransitioun
- **Infotipps**, praktesch Rotschléi an Informatiounen zu Hëllefsmëttelen (Print oder fir Är Facebook-Säit)
- **Video Kapselen** fir ënnerschiddlech Sujeten einfach z'erklären
- **Thematesch Artikelen** fir Äre Gemengebuert
- **Brèvē** fir de Gemengebuert oder op d'Internetsäit vun Ärer Gemeng
- Rotschléi a Contente fir Är **Internetsäit**
- Eng **hybrid Internetsäit** : Iwwergangssäit mat personaliséierten Informatiounen
- **Moosgeschnidde Contenu** fir Ären Offallkalenner

All Detailler dozou fannt Dir an onsem „**Guide d'utilisateur**“ op eiser Internetsäit [ambassadeur.myenergy.lu](http://ambassadeur.myenergy.lu).

## 6.2. Toolbox fir d'Gemengeservicer/ Sekretariat

### 6.2.1. Praktesch Hëllefstellunge fir Är technesch Ekppen

- **Informationsbroschüren** zu verschiddene Sujeten
- **Bauhäremappe fir den Neibau an d'Renovatioun**: Checklëschte fir zukünfteg Bauhäre mat Planungsguide a sënnvolle Kontakter
- **Check-Lëscht fir d'Kontroll vum Energiepass**: Aarbechtshëllef fir d'Iwwerprüfung, ob den Energiepass am Kader vun der Baugenehmegung erfëllt ass
- **Guide fir d'Iwwerprüfung, ob den Energiepass agehale gëtt**, mat Checklëschte fir d'Kontroll duerch d'Gemeng oder extern Prestataire
- **Enercoach**: Logiciel fir d'Erstelle vun der Energiecomptabilitéit vun de kommunalen Infrastrukturen deen de Gemengen iwwer de SIGI zur Verfügung gestallt gëtt
- **Guide fir Subsidien un d'Gemeng**: Erklärungen a Formulaire am Kontext vun den Hëllef fir Gemengen iwwer de Fonds Énergie et Climat (fréier Fonds pour la Protection de l'Environnement)
- Guide fir d'energetesch Optimiséierung vu Gebaier a Quartieren iwwer **urbanistesche Mëttelen** (PAG, PAP, Bauterreglement).

### 6.2.2. Informatiounsséancen a Workshope fir d'Gemengepersonal

Folgend Theme ginn ofgedeckt, op Ufro kënnen mir iech awer och zu weideren Themen ënnerstëtzen:

- **Hëllef beim Ausschaffe** vun engem Programm vu Gemengenaiden fir Är Bierger
- Explikatiounen zu den **Aiden** am Kader vum Fonds Énergie et Climat



**myenergy**  
Luxembourg

---

- Begleedung bei der **Kreatioun vun enger Energiekooperativ** oder enger **Société Civile**
- Erklärungen zu den Hëllefstellungen am Kader vum **Energiepass** oder der Kontroll vum Energiepass

Luxembourg, le 28 juin 2021

myenergy

**myenergy**  
**Partenaire pour une transition énergétique durable**